Vote

D'Stëmme si folgendermoosse verdeelt:

Den Här Louis GEIMER (Mazars&Guerard):	44 Stëmmen
den Här Pierre KRIER (PriceWaterhouseCoopers):	1 Stëmm
den Här Ronald WEBER (Weber & Bontemps):	6 Stëmmen
an ee Bulletin blanc.	

D'absolut Majoritéit ass also am éischte Walgang erreecht an domat ass den Här Geimer zum Réviseur d'entreprises vun der SNCI ernannt.

Den Här Garcia huet elo d'Wuert fir den Dépôt vun enger Proposition de loi ze maachen.

7. Dépôt d'une proposition de loi

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, et war erëm sou lues un der Zäit, fir en Dépôt vun enger Proposition de loi ze maachen, déi, ënner anerem, och wäert verhënneren, dass eng Commission spéciale iwwer Structures d'accueil wäerd geschafe ginn.

- Proposition de loi 4653 relative à l'organisation de structures d'accueil pour les enfants fréquentant l'enseignement primaire et modifiant la loi modifiée du 10 août 1912 concernant l'organisation de l'enseignement primaire.

Déi Proposition de loi geet iwwer eng flächendeckend Besteckung vun eisem Land mat Structures d'accueil fir Kanner, déi den Enseignement primaire et préscolaire fréquentéieren, an implizéiert eng Ännerung vum Gesetz vum 10. August 1912 iwwert d'Organisation de l'enseignement primaire.

Ech wollt dann den Artikel 59 invoquéieren, fir dass an den nächste Wochen dës Proposition de loi hei am Plenum kann debattéiert ginn. Merci.

M. le Président.- D'Chamber hëlt Akt vum Dépôt vun enger Proposition de loi duerch den Här Garcia an dee Wonsch, deen hie geäussert huet, gëtt och deementspriechend ausgefouert.

Eisen nächste Punkt um Ordre du jour ass d'Resolutioun vum Här François Bausch iwwert d'Proposition de loi 4283 vum Här Henri Grethen betreffend de Fonds d'urbanisation et d'aménagement du plateau de Kirchberg.

Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

8. Résolution de M. François Bausch relative à la proposition de loi 4283 de M. Henri Grethen sur le fonds d'urbanisation et d'aménagement du plateau de Kirchberg

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech wollt fir d'éischt ufänke mat enger Citatioun an ech sinn och frou, datt den Auteur vun deem Text, deen ech virliesen, de Mëtteg hei ass. Et erfreet e bestëmmt, wann en eng Kéier hei zitéiert gëtt.

M. Henri Grethen, *Ministre des Transports*.- Här Bausch, et ass en engem Anflug vu Masoschismus, dass ech hei sëtze bleiwen.

(Hilarité)

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, déi Aussoen hei si gemaach gi vum Här Grethen, deemools nach Fraktiounspresident vun der Demokratescher Partei hei am Parlament, haut Wirtschaftsminister vun der neier Regierung, am Kader vun enger Interpellatioun vum Jacques-Yves Henckes zum Fonds de l'aménagement du Kirchberg. Dat war net déi éischt Interpellatioun, déi zu deem ominéise Fong hei am Parlament diskutéiert ginn ass. Wéi et ausgesäit, wäerd et och nach net déi lescht sinn, déi mer hei diskutéieren an deem Sënn.

Ech wëll zitéieren, wat den Här Grethen deemools hei gesot huet: "Här President, ech si mat de Kolleege vu menger Fraktioun der Meenung, dass den Objet vum Fonds du Kirchberg, deen 1961 gegrënnt ginn ass, méi wéi erfëllt ass, dass et keng Daseinsberechtegung méi gëtt, fir de Fonds du Kirchberg oprecht ze erhalen.

A fir d'Saach méi liicht ze maachen, Här President, a fir ze ënnersträichen, dass dat eis Iwwerzeegung ass, däerf ech Iech eng Proposition de loi iwwerreechen, déi ech dann net méi brauch op der Tribün ze exposéieren, wou eis Fraktion ënner menger Ënnerschrëft proposéiert, dass een de Fonds du Kirchberg ganz einfach opléist an den Aktiv an de Passiv an de Statsdomän erafléisse léisst. Duerno mussen dann déi richteg politesch Responsabel riicht stoen. Da brauch ee sech hanner kengem méi ze verstoppen, dann ass de Plateau vum Kierchbierg net méi déi 119. Gemeng, mä mir hunn der dann erëm nëmme méi 118.

Et ass en normale Quartier vun der Stad Lëtzebuerg, wou jidderee seng Verantwortung ze iwwerhuelen huet. Mir hunn da kee Quartier méi mat Sonderstatut, mä mir kréien awer dann eng propper Situatioun,...

Une voix.- Transparent!

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- ... an eenzel Bedenken, déi hei geäussert gi sinn, wäerten dann och net méi d'nämlecht misse sinn an Zukunft."

(Interruption)

Ech stelle fest, dass déi richteg an prägnant Wierder, déi den Här Grethen deemools hei benotzt huet, net oder zumindest de Schluss, d'Konklusioun net agetratt ass. Mir hunn erëm déi nämlecht Debatt, déi nämlecht Situatioun, déi nämlecht onhaltbar Situatioun par rapport zu deem sougenanntene Fonds d'utilité publique du plateau de Kirchberg, deen iwwer Milliarde Steiergelder verfügt, ouni datt e seriöt Matsproocherecht vum Parlament besteet, fir ze diskutéieren, wéi dee Fong do genau mat deene Steiergelder ëmgeet, ouni dass och e seriöt Matsproocherecht vun der Gemeng Lëtzebuerg besteet an deem Ganzen.